# 2021/22 : COURS À OPTION – CLASSES DE 3E

## Titre : **Richteg Lëtzebuergesch schreiwen**

Titulaire(s) du cours : KARIER Géraldine
Classes et horaires : 3es - jeudi, 7h55 – 9h40
Salle :
Nombre maximal d'élèves :

### Finalités et objectifs de l'option

D'Zil vun dësem Cours ass et, d'Schülerinnen an d'Schüler an déi offiziell lëtzebuergesch Orthographie, déi 2019 komplettéiert a vereinfacht gouf, anzeféieren. Um Enn vum Joer solle si korrekt Lëtzebuergesch schreiwe kënnen.

### Programme

D'Orthographie-Optioun ass ausgeschafft gi vum Service de Coordination de la recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) vum Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse. Fir d'Andeelung vum Cours gouf sech un der Brochure vun *schreiwen.lu* orientéiert.

De Programm besteet aus 22 Kapitelen, an deenen d'Schreifweis vum Lëtzebuergeschen erkläert a geüübt gëtt. De Schwéierpunkt vun der Optioun läit um Schreiwen, woubäi a verschiddenen Exercicer och iwwer d'Lëtzebuerger Kultur rieds ass a jee no Interessi verschidden Aspekter dovu verdéift kënne ginn.

### Méthodologie, déroulement

Den éischten Deel vun der Optioun (bis d'Fuesvakanz) ass esou opgebaut, datt an der zweeter Stonn eng nei Reegel geléiert a geüübt gëtt, an d'Woch drop an der éischter Stonn zousätzlech Exercicer gemaach ginn, fir d'Reegelen ze festegen.
No der Fuesvakanz schreiwen d'SchülerInne selwer Texter, fir déi geléiert Inhalter ze trainéieren.
Am drëtten Trimester gëtt d'Grammaire kuerz thematiséiert an d'Schreifweis nach geüübt, z. B. duerch d'Opstelle vun enger Schülerzeitung oder enger „Ausstellung", an där d'SchülerInnen lëtzebuergesch Perséinlechkeeten (SchrëftstellerInnen, SportlerInnen, MusekerInnen asw.), e Monument oder eng Traditioun virstellen.

### Public cible

Jiddwereen, dee sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Schreifweis interesséiert.

### Equipement requis

Classeur